## 31. August 1942
## Generalstreik zu Lëtzebuerg




De Gauleiter gët den "Ausnahmezustand" bekannt a setzt e "Sondergericht" an. 20 Lëtzebuerger Patriote gi veruurtelt an uewen am Bësch zu Hinzert erschoss. Ënner hinnen den Här Alfred Brück-Georges, Schoulmeester zu Wolz (d'Madame Brück war d'Duechter vum fréiere Schoulmeester Georges vu Befort). De Schreiwer vun dësen Zeile war ee vun dene winnegen, déi eis zum Doud condamnéiert Patriote geséin hun muergens ëm 5 Auer erop an de Bësch gon. Si sin oprecht do gaangen, obschu si wossten, datt et hire leste Wee wir a si hir Hemecht nët méi erëmgesiichen. No zéng Minuten hun d'Gewersalve gekraacht, déi éis Märtyrer néiergestreckt hun.

Onmënschlech an nët ze verston as, dat bei deer nächster Hiriichtong d'SS ënner sech gestridden hun, jidderä wollt derbäi sin, fër déi entsetzlech Aarbecht kënne matzeman. 10 Mark an e Liter Schnaps war hire Loun.

Wéi se besoff zréck an d'Lager kom sin, konnt ech héiere wéi een SS zum anere gesot huet:

"Mensch kannst du dir das vorstellen? Die haben noch ihre Nationalhymne gesungen, ehe wir sie umlegten."

- Sou hun deemools Lëtzebuerger Patrioten hir Léift fër d'Hemecht mat hirem Liewe bezuelt.

## 13. September 1942

De Gauleiter Simon gët bekannt, datt Lëtzebuerger Familljen an Ostdäitschland, Polen an d'Tschekoslovakei an d'Ëmsiidlong geschéckt gin.

Wat war d'Ëmsiidlung?

D'Ëmsiidlung war eng Aktioun, déi drop ausgeriicht war, Familljen, déi nët fir sécher gehale goufen, aus dem Westen erauszehuelen a si bannen am "Reich" festzesetzen, wou si assimiléiert sollte gin. Déi Veruerdnong war den 13. September geholl gin. Den Départ vum ischte Convoi war schun donneschdes, de 17. September. Bis zum 31. August 1944 ware 4.138 Männer, Fraen a Kanner fortgeschleeft gin. 1.338 Familljen. An der Friemd sin 154 Lett gestuerwen, dovun 22 Kanner.

Och hei aus der Gemeng Befort waren 8 Persounen ëmgesiidelt.
Et waren:

| | |
|---|---|
| SCHEER Pierre, | de 14. Oktober op Leubus (1942) |
| MISCHEL Mathias, | de 27. Oktober op Jeschütz (1943) |
| MISCHEL-Muller Mme, | de 27. Oktober op Jeschütz (1943) |
| MISCHEL Jules, | den 29. Oktober op Schreckenstein (1943) |
| MISCHEL-LENERT Mme, | den 29. Oktober op Schreckenstein (1943) |
| *all vu Befort* | |
| BARTZ Virginie, | den 31. Mäerz 1943 op Nestomitz |
| HEIM Servais, | den 31. Mäerz 1943 op Nestomitz |
| *vum Grondhaff* | |
| SCHEER Pierre, | hien as an der Ëmsiidlong gestuerwen. |

### Vun éise 64 Jongen, déi an d'Wehrmacht" agezuge waren

Mat der Aféierong vun der "Wehrmacht" den 30. August 1942 hat de Simon déi schlëmmst Veruerdnong erlooss, déi en de Lëtzebuerger nëmmen undoe konnt. Éis Jonge goufe géint hire Wëllen an déi verhaasst preisesch Uniform gepresst. A wat konnten d'Jonge maachen? 12.031 waren der ënner déi Veruerdnong gefall. All konnten se nët verstoppt gin. Trotzdeem haten sech der 3.510 an eng Stopp verkroch, sin an d'Ausland an e Maquis gaangen oder esouguer bis an England komm, fër do mat den Alliéierte géint d'Preisen ze kämpfen. Leider sin der 1.775 gefall an 1.250 vermësst. Am ganzen iwer 3.000 Kréichsaffer.





D'Familljе vun denen 3.510 Refractairen an Deserteure waren an däer gréisster Gefar, ëmgesiddelt, an de Prisong oder an d'KZ ze kommen. Och déi Lett, déi Jonge verstoppt haten, waren Dag a Nuecht nët roueg.


Am Mëllerdall haten d'Preisen esou e Jong opgespiirt an hun en erschoss. D'Lett awer, déi e verstoppt haten, koumen an de Prisong. Den Här Pauly as no sénger Liberatioun un de Suite vum Prisong gestuerwen. Et gouf vill Jongen, déi an d'Wehrmacht gaange sin, déi awer deen ischten Urlaub derzou benotzt hu, fër ze verschwannen.

Och hei zu Befort sin et sou Stoppe gin. An denen Haiser, wou méi Jonge méintlaang en Ënnerdaach fond haten, war et vu groussem Viirdeel, wann d'Noper gout Lëtzebuerger waren. Wann dat nët de Fall war, da war ëmmer eng grouss Gefar dermat verbonnen.




**D'Lëst vun eise Jongen, déi durch d'Annexioun vum 30. August 1942 wehrflichteg waren:**

| | | |
|---|---|---|
| 1. | ADAM Hubert, | Befort |
| 2. | ADAM Nicolas, | Befort |
| 3. | BARTHEL Ervin, | Befort |
| 4. | BOLLIG Armand, | Befort |
| 5. | BROPSOM Léon, | Befort |
| 6. | BROPSOM Pierre, | Befort |
| 7. | CIGRANG J. P., | Befort |
| 8. | CIGRANG René, | Befort |
| 9. | CLARENS Willy, | Befort |
| 10. | CONTER J. P., | Befort |
| 11. | COURTOIS Nic., | Befort |
| 12. | COURTOIS Jos., | Befort |
| 13. | DECKER Paul, | Befort |


Der Amtsbürgermeister
des Amtes Echternach
als Ortspolizeibehörde
(Polizeiliche Meldebehörde)

Echternach, 16. Jan. 1942.
(Ort) (Datum)

Anmeldebescheinigung

Der Dienstpflichtige Josef Nikolaus Adam
(Vor- und Familienname)
geboren am 6. Dezember 1922 zu Befort Kreis Grevenmacher
(Tag, Monat, Jahr) (Ort, Kreis, Regierungsbezirk)
wohnhaft zu Befort Hsnr. 39
(Ort, Straße, Hausnummer, Untermieter bei)
hat sich heute zur Anlegung des Wehrstammblatts angemeldet.

Echternach, den 16. Januar 1942.

Die polizeiliche Meldebehörde (Meldestelle)
Im Auftrage:
(Unterschrift)

**Eng** vu villen: d'"Anmeldebescheinigung" fir d'Wehrmacht vum Nicolas Adam